

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 23. August 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bildungsminister an un den Aarbechtsminister weiderzeleeden.

De MENJE propagéiert eng integréiert Ausféierung vu Schoulbau mat Betreuungsstrukturen am Primaire.

Elo ass et esou dass fir d'Sécherheet bei der Maisons Relais den ITM via Kommodo zoustänneg ass, mat sengen Normen a Reegelen.

Wann eng Gemeng en integréiert Konzept, wéi vum Minister gewënnscht ëmsetzt, muss fir deen Deel wou Fonctionnaires dra schaffen (Schoul) awer d'Securitéit bei der Fonction publique (SNSFP) ugesidelt sinn. Déi Normen an Virschreften sinn net ëmmer deckungsgläich an de Bauhär ass da mat verschidden Interpretatiounen a Koordinatioun vun 2 staatlechen Instanze befaasst. Net ze vergiessen datt och nach deels Reegele vum CGDIS derbäi kommen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froe stellen :

- Kënnen d'Ministeren eis dës Situatioun confirméieren?
- Wann Säll, Deeler vum Gebai an Technik an Alentoure vu Schoul- a vu Maison Relais-Personal gemeinsam oder ofwiesselend benotzt ginn, wéi soll de Bauhär do virgoen?
- Kann an deene Fäll och just eng Instanz de Bau begleeden an di aner Instanz schléisst sech den Entscheidungen un ?
- Kann d'Regierung di béid Instanzen encouragéieren eng koordinéiert Approche fir dës Projet'en auszuschaffen?
- Kann eng aner Form vun Ënnerstëtzung fir d'Gemengen an dëser héich technescher an zäitintensiver Koordinatioun entstoen ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of a series of loops and a long horizontal stroke extending to the left.

Jean-Paul Schaaf
Deputéierten



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, vum Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, Georges Engel, vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, a vun der Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6700 vum honorabelen Deputéierte Jean-Paul Schaaf

Ad 1)

Aktuell muss de Beräich vun der Schoul duerch de Service vun der Sécherheet am ëffentlechen Déngscht (SNSFP) ofgeholl ginn, während d'Inspection du Travail et des Mines (ITM) fir d'Sécherheet vun de Structures d'éducation et d'accueil pour enfants scolarisés (SEA) zoustänneg ass.

Ad 2)

De Bauhär sollt déi zwee Servicer fréistméiglech informéieren a souwuel mat der ITM wéi och mam SNSFP d'Sécherheitsfroen an d'Ufuerderungen ofklären. Detailer, wéi de Bauhär a sou engem Fall virgoe sollt, sinn an der Circulaire vum Éducatiounsministère vum 15. Juli 2016 beschriwwen.

Ad 3)

Bei engem Neibau ass et momentan sou, datt déi zwou Instanzen, den SNSFP an d'ITM, vun Ufank un a bis zu der Mise en Service vun deem Gebai musse mat agebonne sinn.

Ad 4)

D'Circulaire vum Éducatiounsministère vum 15. Juli 2016 beschreift eng koordinéiert Approche, wéi ee bei engem Neibau oder beim Aménagement vun engem SEA an eng bestoend Schoul sollt virgoen. Eventuell Problemer bei der Ëmsetzung vun där Circulaire oder bei der Ausleeung vun de Gesetzer, Reglementer oder Prescriptiounen, déi unzewenne sinn, musse bei deene verschiddene Projeten zesumme mat de concernéierten Acteuren, Fall fir Fall gekläert ginn.

Ad 5)

D'Servicer vum Staat, souwuel d'ITM wéi och den SNSFP, stinn de Gemenge gären zur Säit, fir si bei Sécherheitsfroen ze beroden. De Staat wäert och weiderhin d'Gemenge beim Bau vun neie Schoulen, Maison relaisen an anere Schoulinfrastrukture finanziell ënnerstëtzen.

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH